Fëschen beim Cindy an beim Andy

Mir woren Haut zu dräi Mann héich, den Patrick Bartholmé, den Patrick Scheid an den Luss, bei d´Cindy an den Andy fëschen. Jo Dir hut richteg gelies, beim Andy kann een neierdéngs net nëmmen gudd Mécken bannen née et kann een se och direckt ausprobéieren an ech muss soën dass mir Haut een formidabelen Dag, mat ganz vill Fësch an allen Moossen, bei Hinnen verbruecht hun. Dass een bei hinnen Zwee och nach richteg gudd ze iessen an ze drénken kritt hät ech unsech net bräichten ze ernimmen mée och dat ass jo fir eis Fëscher net onweesentlech.

Mir woren also Haut um zéng Auer ungetrueden fir den Weiheren zu Rolléng op den Zand ze fillen wat d´Fëschen op déier Plaz unbelaangt an mir sin awer esou Eppes vun op eis Käschten komm, een Fësch nom Anneren hun mir gefaangen an do woren och richtég déck Forellen dobäi.

Et wor éng richteg Freed an all Méck op Streamer, Nymph oder naass Méck déi mir probéiert hun woren richteg fängeg an och vun den Farwen hir woren d´Fësch net wielerech. Den groussen Virdeel ass awer dass dësen Site séier ze ereechen ass an dass den Andy fir d´Fëschen éng Formule zesummengestallt huet déi et éngem och erlaabt nëmmen een kuurzen Ofstiecher dohinner ze ënnerhuelen wann een net vill Zäit huet. d´Modalitéiten fir zu Rolléng ze fëschen gesin folgender Moossen aus:

Éng Stonn kascht 7 € an et dierf een 500 gr. Fësch mathuelen.

Duerno kascht all weider Stonn och 7 € ewoubäi den maximum bei 25 euro ereecht ass an een dann den ganzen Dag fëschen kann bis et däischter ass. Wann een den ganzen Dag fëscht kann een dann och zwee kilo Fësch op den Kap mathuelen.

Wann een éng déck Forell fänkt kann een, am Géigensatz zu anneren Siten, och Dës beim Andy mathuelen, et muss een awer gegebenenfalls den plus un Gewicht bezuelen wann et iwwert dat erausgeet wat een zegudd huet.

An méngen Aaën ass dat éng Formule déi jiddereen zefridden stellen kann.

Et kann een vun 10 Auer Moies aus un fëschen ewoubäi Denschdes zou ass, wann een dodernieft och vum gudden Iessen profitéieren wëll dat d'Cindy zoubereet, hei ass besonnesch d'Choucroute ze empfehlen, dann soll een dem Cindy zwee Deg am Viraus bescheed soën fir dass hat dat och gewëssenhaft virbereeden kann.

Ofschléissend wëll ech dann anch bemierken dass d'Weiheren zu Rolléng sech besonnesch eegenen fir Unfänger an Kanner mazehuelen ewell op dëser Plaz och déi ongeübten Werfer eemol an den Genoss vun éngem Trophée Fësch kommen kënnen.